Allianz vun Humanisten
Atheisten & Agnostiker

# Vu Räichtum an Aarmut

**Carte Blanche vum Laurent Schley op RTL-Radio**

29.09.2014

*No der Annonce vum Minister Etienne Schneider, dass sech d'Reliounsgemeinschaften an Zukunft misste selwer finanzéieren, koum ganz séier d'Reaktioun vum Äerzbëschof Jean-Claude Hollerich... D'katholoulesch Kierch zu Lëtzebuerg wier dann an dräi Joer faillite. E puer Gedanken doriwwer vum Dr. Laurent Schley, President vun AHA Lëtzebuerg a senger Carte blanche mam Titel „Vu Räichtum an Aarmut".*

„Mir sinn eng aarm Kierch": dat ass ongeféier de Message, deen de Chef vun de Lëtzebuerger Katholiken regelméisseg an de Medien verbreet.

Domadder mengt hien di finanziell Situatioun vum Bistum „au sens strict". Aner kierchlech Strukture mat hire Konten, Lännereien a Gebaier ginn an där Rechnung bewosst net erwähnt. Eleng um Territoire vun der Gemeng Lëtzebuerg gëtt et iwwer 40 Strukture wéi Kierchefabriken, Poren, Veräiner, S.à.r.l.en, S.A.en a Congregatiounen, di direkt der Kierch zouzerechne sinn. Dat erkennt een dorun, datt an de jeeweilege Verwaltungsréit Mandatsträger vum Bistum setzen. Iwwert d'ganzt Land gekuckt sinn et Honnerten där Strukturen, dovunner eleng 285 Kierchefabriken. De Bistum „au sens strict", mat sengem Kapital am dräistellege Milliouneberäich, ass just eng vun deenen Honnerte kierchekontrolléierten Unitéiten.

D'Kierch probéiert mat der Segmentéirung vun hirem Besëtz hire Räichtum gezielt ze verschleieren. D'Kierch ass déi eenzeg Organisatioun zu Lëtzebuerg, di nach ni huet missen en konsolidéierten Besëtztumskadaster vun hirem ganze Veräin bei de staatleche Verwaltungen deklaréieren, wat jo politesch vläit net gewollt wat. Wat vill Leit bei Steiererliichterunge vu multinationale Konzerner zu Recht stéiert, dat praktizéiert de Betrib „Kierch" erfollegräich zanter Jorhonnerten.

„Mir sinn eng aarm Kierch" ass eng Verblendungstaktik, di awer liicht ze duerchkucken ass. Déi soi-disant Aarmut ass a Wierklechkeet een onbeschreifleche monetären Räichtum, vun deem d'Kierch vill Joerzéngte laang ziere kéint.

Déi nei Regierung wëllt lo Neel mat Käpp maachen: d'Kierch soll sech an Zukunft selwer finanzéieren. Zwee Modeller hat den Etienne Schneider an d'Gespréich bruecht: eng komplett autonom Finanzéierung, also e Kotisatiounssystem wéi bei all anere Veräin, oder eng

A.H.A. Lëtzebuerg a.s.b.l.
ADRESSE POSTALE : B.P. 1013, L-1010 Luxembourg
CCPLLULL: LU56 1111 3101 1809 0000
R.C.S. Luxembourg F8374
SIÈGE SOCIAL: 1, rue Guillaume de Machault, L-2111 Luxembourg
www.AHA.lu
E-MAIL: info@aha.lu

Allianz vun Humanisten Atheisten & Agnostiker

Kierchesteier. Di zwee Modeller hunn eppes gemeinsam: all déi Leit, déi offiziell Kierchemember sinn, wäerten an Zukunft weider bezuelen mussen. Wëllt een dat evitéieren, ass et sënnvoll aus der Kierch auszetrieden, z.B. via d'Internetplattform fraiheet.lu. D'Leit sollte sech dobäi net vun de Schikanen aus der Rou brénge loossen, déi de Bistum hinnen onverschimmterweis an d'Féiss geheit, fir den Austrëtt ze erschwéieren.

D'ass schonn erstaunlech: hei hu mer ee Veräin, dee quasi exklusiv aus Membere besteet, déi hir Memberschaft duerch d'Daf als Bébé opgezwongen kruten, ier se iwwerhaapt „Nee" soe konnten. Wa se am Erwuessenenalter bei voller Denkfähegkeet wëllen austrieden, probéiert dee Veräin, dat ze verhënneren, ouni Hemmungen. Sou eng Virgoensweis zeugt net grad vu geeschtegem an intellektuellem Räichtum. An deem Sënn hätt de Chef vun de lëtzebuerger Katholiken mat sengem Saz „Mir sinn eng aarm Kierch." jo dann tatsächlech d'Wouerecht gesot.

Allianz vun Humanisten, Atheisten an Agnostiker Lëtzebuerg a.s.b.l. (AHA), www.aha.lu
Member *Alliance for a Secular Europe*
Member *European Humanist Federation*
Member *International Humanist and Ethical Union*

A.H.A. Lëtzebuerg a.s.b.l.
ADRESSE POSTALE : B.P. 1013, L-1010 Luxembourg
CCPLLULL: LU56 1111 3101 1809 0000
R.C.S. Luxembourg F8374
SIÈGE SOCIAL: 1, rue Guillaume de Machault, L-2111 Luxembourg
www.AHA.lu
E-MAIL: info@aha.lu